# NaturErliefnisSchoul
# Schouljoer 2020-2021

Den Pilotprojet ass ofgeschloss. Wéi geet et elo weider?

All Enseignanten di am Projet matgeschafft hunn sinn der Meenung, datt déi Form vun ergänzendem Unterrecht Baussen/Bannen mat dem Virdeel vun de klengen Gruppen, den ganzheetlechen an schouleschen Besoinen vun de Kanner am Cycle 2 am Bäschten gerecht gëtt. An si hunn aus dësem Grond decidéiert den Projet esou weiderzeféieren.

Eng grouß Majoritéit vun den Elteren huet beluegt datt dësen Projet wäertvoll ass an zu der positiver Entwécklung vun hiere Kanner bäigedroe huet.

Den Ministère huet weider 14 Stonnen zur Verfügung gestalt fir datt d' NaturErliefnisSchoul am Joer 2020-2021 kann funktionéieren an den Enseignanten un d' Häerz geluecht mam Script zesummenzeschaffen.

Dobäi kennt datt den Här R. Brachmond, Direkter vun der Direction de l'enseignement fondamental Echternach (Région 11) dem Joëlle Renoir weider 4 Stonnen zougestan huet fir d' Aarbecht vun der NaturErliefnisSchoul.

Den Natur- & Geopark Mëllerdall krut eng Decharge ministerielle vun 12 Stonnen fir d'Naturparkschoul. Et gëtt also an dësem Joer eng kloer Trennung zwëschent den schoulinternen Dechargen fir d'NaturErliefnisSchoul an den Dechargen déi regional, respektiv national genotzt kenne ginn fir d'Naturparkschoul. Fir eis Aarbecht an der Naturparkschoul gesinn mir d'NaturErliefnisSchoul als eng wäertvoll "Best Practice school" un, fir esou eng praxis fundéiert Aarbecht zum Dobaussen léieren garantéieren ze kënnen.

## 1. Tableau vun den personnellen Ressourcen

©NaturErliefnisSchoul
Sandra Leoni & Joëlle Renoir

| | Decharge ministerielle un den Natur- & Geopark Mëllerdall | Zousätzlech Stonnen déi bei den Contingent derbäi komm sinn duerch Decharge vum MENJE fir d’NES | Zousätzlech Stonnen déi bei den Contingent vun der Schoul derbäi komm sinn vum NGPM fir d’NES an der Beeforter Grondschoul | Vum Contingent ofgaang | Stonne vun den Titulairen fräigeschalt duerch Zesummeleeën vun den Klassen | Direktioun Arrond. 11 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Schoul-joer 2017-2018 | 3 | 0 | 3 Stonnen Außerschoulech Aktivitéiten nëmmen fir d‘ Kanner vun der Grondschoul Beefort | 0 | 0 | 0 |
| 2018-2019 | 14 | 0 | 13 Projet NES | 8 Assistance | 0 | 0 |
| Schouljoer 2019-2020 | 14 | 0 | 13 Projet NES | 4 Assistance | 4 | 0 |
| Schouljoer 2020-2021 | 12 | 14 | 0 | 0 | 2 | 4 |

©NaturErliefnisSchoul
Sandra Leoni & Joëlle Renoir

## 2. D’Zieler an d’Stärkten vun der NES

D’ Zieler an d’ Stäerkten vun der NES bleiwen bestoen wéi am Pilotprojet définéiert an ginn ergänzt mat der perséinlecher Entwécklung an dem Wuelbefannen vum Kand.

1. Ganzheetlech & fächeriwwergräifend Léieren: vernetzt Denken fördern
2. Liewenskompetenzen entwéckelen **:

   sech selwer kennen, aschätzen an handhaben léieren; Selbstbewosstsäin; Selbstwertgefill; Resilienz; Empathie, Autonomie ...
3. Sozial Kompetenzen entwéckelen: Teamfäegkeet, Partneraarbecht…
4. Respekt virun der Natur & nohaltegen Ëmgang mat der Natur entwéckelen
5. praktescht, handelsbezunnt Léieren mat allen 12 Sënner *** (Def. vun de Sënner c.f. Rudolph Steiner)

** Laut WHO sind **Lebenskompetenzen** Fähigkeiten, «die es den Menschen ermöglichen, ihr Leben zu steuern und auszurichten und ihre Fähigkeit zu entwickeln, mit den Veränderungen in ihrer Umwelt zu leben und selbst Veränderungen zu bewirken» (WHO, 1994b, 1999)

*** Erleben mit allen 12 Sinnen in drei Bereiche aufgeteilt laut Rudolph Steiner:

**Körpersinne:**
- der Haut- oder Tastsinn
- Gleichgewichtsinn,
- Eigen-Bewegungssinn,
- Lebens- Vitalsinn

**Sinne der Umgebung:**
- der Sehsinn (Augen)
- der Geruchssinn (Nase)
- der Geschmackssinn (Zunge)
- Temperatursinn,

**Sozialen Sinne:**
- der Hörsinn (Ohren)
- Sprach- und Wortsinn,
- Gedankensinn,
- Ich-Du-Sinn. (Empathie)

©NaturErliefnisSchoul
Sandra Leoni & Joëlle Renoir

## 3. Praktesch Ëmsetzung vum Projet NaturErliefnisSchoul am Schouljoer 2020/2021

- Dënschdes ginn mir mat der Hallschent vun de Kanner aus den dräi Schoulklasse vum Cycle 2.1 an d' Natur eraus.
- An Donneschdes mat der anerer Hallschent, sou datt mir am Bësch ëmmer ee Grupp vu 19/20 Kanner hunn. Dëst erlaabt et den Titulairë vun de Klassen op dësen zwee Moienter mat engem méi klenge Grupp (6-7 Kanner) ze schaffen an hiren Unterrecht esou besser ze differenzéieren an un de Kanner hier Besoinen unzepassen.
  (N.B. Wéinst den Covid 19 Restriktiounen konnten mir seit November 2020 eis Schoulgruppen net méi mëschen an sinn just nach mat den eenzelen Klassen an d'Natur gaangen.)
- Aus dem C3 sinn Klassen interesséiert un enger Zesummenaarbecht mat der NaturErliefnisSchoul. Sie wäerten reegelméisseg Aktivitéiten virgeschloen kréien.
- Eis Aarbecht vum "Dobaussen léieren" gëtt an schrëftlechen Virbereedungen dokumentéiert.
- Eng enk Zesummenaarbecht an en Austausch mat der Naturparkschoul fannen regelméisseg statt.
- Wéi an de läschten Joeren wäerten mir och ëmmer nees an de Plenièren en Feedback ginn an proposéieren datt d'Titulairen gären mat hiren Klassen un den Projeten vun der NES deelhuelen kennen.

## 4. Inhaltlech Ëmsetzung nom Plan d'études

Dobaussen Léieren setzt sech am C 2.1 aus folgenden **Fächer** zesummen:

- **Sciences naturelles**, **Education physique** an eng hallef Stonn **Education musicale**
- Mir bannen awer och Elementer aus **de Sproochen** Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch an der **Mathematique** mat an.
- aa virun allem integréieren mir déi fir d' Zukunft esou wichteg **Compétences transversales** mat den **Démarches mentales** an de **Manière d'apprendre** aus dem plan d 'études

## 5.D'Acteuren an d'Vernetzung vun eisem Projet

D' Acteuren an d' Vernetzung bleiwen déi selwecht wéi am Pilotprojet. Mir kennen op hier Ënnerstëtzung zielen an d'Zesummenaarbecht huet gut geklappt.

All Informatiounen fannt dir am Dokument **Pilotprojet NaturErliefnisSchoul 2018/2020**

©NaturErliefnisSchoul
Sandra Leoni & Joëlle Renoir